



*Wer sucht, der findet?
Qui cherche trouve ?*

Stämm vun der Strooss

Juni 2012 / N° 70

ARBEITSSUCHE A LA RECHERCHE D'UN EMPLOI

Editorial

Ëm déi 70 Leit aus den Atelieren vun der Stémm vun der Strooss sichen am Moment eng Aarbecht, déi eng méi an déi aner manner intensiv. Si hunn dach eng Aarbecht wann si tëschent 20 an 40 Stonnen d'Woch bei der Stémm schaffen, denkt dir lo vläicht. Sou einfach ass dat net. Si sinn an enger „Mesure pour l'emploi“. Nom RMG-Gesetz mussen si an enger Moossnahm schaffen, kréien den sozialen Mindestloun an bleiwen zu all Moment verfügbar fir den Aarbechtsmaart, dat heescht och op der ADEM ageschriwwen mat all deenen domat verbonnenen Verpflichtungen. No den Statistiken vun der ADEM waren et am Mäerz 2012 am ganzen 713 Leit déi an esou enger AIP (fréier ATI)¹ waren

Meeschtens spillt déi feelend Bildung an Ausbildung awer och déi gesondheetlech Situatioun eng Roll firwat Leit keng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart fannen. Bei deenen jonken Leit ënner 25 Joer déi eng Aarbecht sichen, geet dat och ganz kloer aus den Statistiken erfier. Bal 65 % vun dësen Jonken déi op der ADEM ageschriwwen sinn, hunn entweder just déi obligatoresch Scolaritéit oder d'Schoul no der 3ième respektiv der 11ième verlooss. Mir hunn eis mam Service National de la Jeunesse, der ADEM an dem Réseau pour le Travail et la Promotion Humaine doriwwer ënnerhalen wat jonk Leit fir Méiglechkeeten hunn hir Chancen um Aarbechtsmaart ze verbesseren.

Méi ewéi 150 000 Leit déi net „résident“ zu Lëtzebuerg sinn, kommen all Dag an d'Land schaffen. Stëmmt et, datt Leit déi aus engem Nopeschland kommen éischter eng Aarbechtsplaz zu Lëtzebuerg fannen ewéi déi Leit déi hei liewen? Un wat läit dat dann? Hunn d'Leit hei net déi richteg Formatiounen déi zu Lëtzebuerg gebraucht ginn? Wann dat esou ass, wär et dann net un der Politik ze intervenéieren?

D'Leit hei zu Lëtzebuerg sollen net sou motivéiert sinn an wëllen net sou wäit fueren fir op hir Aarbecht ze kommen... Komesch – ech setzen all Dag am Auto an

am Zuch, an do net alleng, fir mäin Aarbechtswee vun iwwer 150 km (dohin an zeréck) zeréckzeleeën. Fir aus Frankräich, Däitschland oder der Belge heihin ze kommen fiert en och alt manner wäit an virun allem brauch en meeschtens manner Zäit. Dat ass et also net, oder? Mir hunn eis och mat dësen Froen zesummen mat eisen Interviewpartner auserneen gesat.

Verschidde Leit sollen sech ze séier mat hirer Situatioun-ouni fest Aarbecht ze sinn- offannen. Dat gëtt den Leit déi an enger Mesure AIP sinn dacks virgeheit. Mä lo versetzt iech mol an hir Lag an stellt iech vir dat wär net den Fall. Dës Leit missten all Dag alles an Fro stellen an hiert ganz Gléck an de Sënn an hirem Liewen dorun festmaachen ob si eng Aarbechtsplaz um éischten Aarbechtsmaart hunn... Dat wat dës Leit un „travaux d'utilité collective“ maachen, misst dach och vun der Gesellschaft unerkannt ginn.

En aneren groussen Deel Aarbecht zu Lëtzebuerg gëtt vun Leit gemaach ouni duerfir bezuelt ze ginn, am Kader vun engem Benevolat. Am Gespréich mat der Responsabel vun der Agence du bénévolat gëtt en méi doriwwer gewuer.

Natierlech muss jiddereen den eng Aarbecht fannen well, sichen, d'Aen ophalen, sech beméien, net opginn! An si mer mol éierlech, hei zu Lëtzebuerg, wann en en kennt, huet en ganz dacks och manner Problemer eng Aarbecht ze fannen.

Wer suchet, der findet, oder???

Tania Draut

¹ AIP (Activités d'insertion professionnelle) – affectations temporaires (travaux d'utilité collective et stages en entreprise) organisées par le SNAS (anciennement ATI). (Bulletin Luxembourgeois de l'Emploi N° 03- mars 2012) Définition et statistiques dans Bulletin Luxembourgeois de l'Emploi N° 03- mars 2012

Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

Dossier spécial: ARBEITSSUCHE A LA RECHERCHE D'UN EMPLOI

Wer suchet, der findet?
Qui cherche trouve?

Editorial	2
Der ganz normale Suchwahnsinn	4
Eternel CDD	5
JobPilot	6
INTERVIEW mam Lydie Künsch a Jos Freylinger vum RTPH	7
ADEM zum ersten, ADEM zum zweiten...	10
ADEM	11
INTERVIEW mat der Madame Mariette Scholtus, Direkter vun der ADEM	12
INTERVIEW mat der Madame Jans-Filbig vun Initiativ Rëm Schaffen a.s.b.l.	15
INTERVIEW mat der Madame Pitou ANTONI vum CFFM	17
Unemployed + Underqualified + Underpaid = Unwanted	19
INTERVIEW mam Martine Lentz, Dipl. Pädagogin beim SNJ	20
INTERVIEW mat der Madame Caroline Milbert-Bové, Responsabel vun der Agence du bénévolat	22
Pour info / Allgemeine Informationen	25
Le dîner de charité au restaurant scolaire de l'Ecole Privée Marie-Consolatrice	26
7ème Rencontre participative pour l'inclusion sociale (REPIS)	27
INTERVIEW mam Gilles Rod, Président vun EAPN	28
INTERVIEW mat betraffene Leit	29
Leserecke	30
Klick	31
Info	36
Impressum	36



Der ganz normale Suchwahnsinn

Als Arbeitssuchender in Luxemburg hat man es nicht leicht.

Aber wem sage ich das?

Ich nehme an, dass einige von euch diese Situation auch kennen. Lest euch einmal die Stellenangebote durch, die in der Zeitung stehen und wundert euch.

Je nachdem welche Stelle es ist, braucht man bis zu fünf Jahre Erfahrung in diesem Bereich.

Da stellt sich mir die Frage wo man die Erfahrung hernehmen soll, wenn man ohne Erfahrung diesen Job nicht bekommt.

Wäre es nicht sinnvoller jemanden ohne Erfahrung einzustellen, und ihn dann in die Materie einzuführen?

Damit er eben die Erfahrung sammeln kann.

Noch erschreckender finde ich die Tatsache, dass selbst für den einfachsten Posten heute fast ein Universitätsabschluss verlangt wird. Letztens stand in der Zeitung: „Suche Telefonist/in. Mindestens drei Jahre Erfahrung in einer gleichen Tätigkeit. Schulausbildung: Abitur +5.“

Warum braucht man um Himmelswillen einen Abitur +5 um ein Telefon abzunehmen und einen Anrufer weiter zu verbinden???

Kann mir das mal einer erklären?

Ich selbst habe leider keinen Schulabschluss und würde somit diese Arbeit nicht bekommen. Diese nicht und auch keine andere.

Ich bin mir durchaus bewusst, dass für verschiedene Arbeiten ein Schulabschluss, oder sogar ein Universitätsabschluss unerlässlich ist. Aber auch Leute ohne Abschluss sind nicht unbedingt dümmere als andere.

Es ist mir klar, dass ich keine Operation am offenen Herzen durchführen oder irgendwelche Computer umprogrammieren kann, da ich es nicht gelernt habe, aber selbst ich bin in der Lage ein Telefon abzunehmen und einen Anrufer weiter zu verbinden, wenn mir jemand zeigt wie die Telefonanlage funktioniert.

Ich könnte auch am Empfang sitzen und die Kunden begrüßen bzw. sie dahin schicken wo sie hin müssen.

Auch dazu muss ich nicht wirklich einen Abschluss haben.

Das sage ich jetzt, ohne diese Arbeiten abwerten zu wollen.

Ganz im Gegenteil.

Ich möchte damit nur sagen, dass man auch ohne Schulabschluss die Chance auf einen Arbeitsplatz bekommen sollte.

Und in diesem Fall sind es Arbeiten die man auch als unqualifizierter Mensch ausführen kann.

Was bleibt also zu tun?

Man könnte sich ans Arbeitsamt wenden.

Könnte man tun, wenn von ihnen irgendeine Hilfe zu erwarten wäre.

Ich war sieben Jahre (!) beim Arbeitsamt eingeschrieben.

Das einzige was dabei herauskam war ein Jobangebot als Landschaftspfleger wofür ich weder die nötigen Qualifikationen noch, wenn ich ehrlich sein soll, das nötige Interesse habe. Meine Stärken liegen eher im administrativen Bereich und nicht im handwerklichen, was ich denen beim Arbeitsamt auch gesagt habe. Des weiteren bekam ich drei verschiedene Termine, wo man mir erklärte wie ein Lebenslauf und ein Bewerbungsschreiben aufzusetzen sind.

Jetzt habe ich drei verschiedene Arten einen Lebenslauf zu schreiben, weiß immer noch nicht welche eigentlich die richtige ist und weiter hat man mir in den sieben Jahren nicht geholfen. Und wenn man sich selbst auf die Suche macht, erfährt man, dass man nicht qualifiziert genug ist.

Ich finde schon dass dort von Seiten der Arbeitgeber etwas mehr Fingerspitzengefühl von Nöten wäre, damit man sich auch ohne Schulabschluss nicht als Mensch zweiter Klasse fühlen muss.

Patrick



Eternel CDD

Il y a 10 ans j'ai commencé la recherche du travail et comme tout le monde je me suis inscrite à l'Administration de l'Emploi. J'ai attendu longtemps, mais on n'a rien trouvé pour moi. Soudainement, par intermédiaire d'une amie j'ai eu un job comme aide administrative où j'ai travaillé pendant 2 ans et 5 mois environs. Après quelques ennuis assez graves j'ai dû quitter ce travail et de nouveau je me suis retrouvée sans emploi.

Quelques mois plus tard, l'ADEM m'a convoqué pour un travail, dans le secteur de ménage au nord du Luxembourg. J'ai demandé au placeur comment pourrais-je le faire avec un enfant de 2 ans, je ne peux pas le laisser seul, ni l'emmener avec moi au travail. La réponse était: „ce n'est pas mon problème“. Alors je lui ai demandé si elle a des enfants, elle m'a répondu que non. Donc à la suite on m'a dit que j'avais refusé du travail et on m'a coupé le revenu.

Depuis ce jour là, je n'ai eu aucune carte d'assignation jusqu'aujourd'hui. Mais, je n'ai pas baissé les bras, j'ai toujours un travail avec

un contrat de 2 ans, donc un CDD.

Aujourd'hui je ne fais que les ATI parce que je n'ai pas le choix. En plus faire une ATI c'est aussi travailler même si la forme du contrat n'est pas tout à fait comme les autres. J'ai côtoyé le haut et le bas parce qu'il y a des moments qu'on interprète ou voit mal les ATI!

C'est dommage que les offices sociaux trouvent la solution afin d'accompagner les résidents malgré que le contrat à court terme ne donne pas grand chose. Mais l'expérience d'entreprise à l'entreprise est différente dans leur mode de travail et de leur savoir-faire.

J'aurais aussi aimé si c'était possible que les offices sociaux prennent la mission de convaincre plus d'entreprises de garder les stagiaires. En général peut-être cela pourra diminuer le chômage. Chaque personne a son histoire sur le sujet de la recherche d'emploi. Pour les uns c'est plus facile, pour les autres c'est dur comme du béton, mais il faut se battre dans la vie.

Eugénie

JobPilot



Vier Leute aus der Redaktion führen zu einem Informationstag des RTPH (Réseau pour le Travail et la Promotion Humaine) in Diekirch, wo das Projekt „Job Pilot“ vorgestellt wurde.

Ziel und Zweck von „Job Pilot“ ist es, den Leuten beim (Wieder-)Einstieg ins Berufsleben behilflich zu sein.

Begrüßt wurden wir sehr freundlich von Herrn René Richartz, der uns in seiner Funktion als Berater bei RTPH während der nächsten zwei Stunden erklärte, wie das Projekt „JobPilot“ funktioniert.

Bevor er uns erklärt hat, um was es sich genau handelt, hat er erst einmal gefragt, wie die einzelnen Personen davon erfahren haben. Von den insgesamt acht Personen hat jeder auf eine andere Weise davon erfahren. Einige vom Arbeitsamt, andere von ihrem Sozialarbeiter und wir vier wurden von unserer Chefin darüber informiert.

Während dieser Formation wird geschaut,

was wir im Leben gemacht haben, was für Erfahrungen wir haben und wo unsere Stärken und Schwächen liegen. Auch die Frage, welche Arbeit wir suchen und vor allem wie weit wir für eine Arbeit fahren wollen, wurde gestellt. Auch beim Aufsetzen eines Lebenslaufs und eines Bewerbungsschreibens wird uns geholfen.

An Hand von Rollenspielen wird versucht, den Leuten die Angst vor Bewerbungsgesprächen und vor dem Telefonieren zu nehmen.

Es wurde uns auch erklärt, wie man sich organisiert, vorbereitet und was man alles braucht und machen muss um eine Arbeit zu finden.

Am Ende von diesen Tag sind wir alle und jeder für sich mit der Hoffnung rausgegangen, dass man uns nun hilft und es vielleicht doch noch klappt eine feste Arbeit zu finden.

Die Dauer der Formation kann man nicht genau voraussagen. Bei einem dauert es einen Monat, bei dem anderen sechs Monate. Auf jeden Fall wird jeder so lange begleitet, bis er eine Arbeit gefunden hat.

Wir haben uns alle eingeschrieben um endlich aus dem RMG/ATI rauszukommen.

Schauen wir mal, was bei der ganzen Sache raus kommt und vor allem was wir bei der Sache erreichen.

Unser aller Wunsch ist es, eine feste Arbeitsstelle zu finden, damit wir uns auch mal mehr leisten und etwas Geld zur Seite legen können.

Whitecat

Interview

mam Lydie Künsch a Jos Freylinger
vum Réseau pour le Travail et la Promotion Humaine (RTPH)

• Wat sinn d'Aufgabe vum RTPH a wéi eng Servicer bitt dir un?

LK: Mir als RTPH begleeden d'Leit, déi eng Aarbecht sichen, sief et well se nach ni geschafft hunn oder well se eng nei Aarbecht sichen. An deem Kontext hu mer zwee Schwéierpunkten. Dat eent ass eise Service urgences, do kënnen d'Leit all mueres tëschent 08.30 an 09.30 heihinner kommen. Bis elo gëtt et dat just hei an der Stad, mä et ass awer geplangt, dat op eisen dräi Siten an absehbarer Zäit anzeféieren. Si kommen heihinner well se entweder en CV hunn, dee muss nogekuckt ginn oder eng Lettre de motivation, ebe just fir e Service urgence. Oder och fir d'Virstellungsgespréich ze trainéieren, wann elo ee kënn, deen dat laang net méi hat. Eisen zweete grouse Volet ass eis Formatioun, déi mer JobPilot nennen. Do schreiw en d'Leit sech an a maachen dann e ganze Parcours mat dem Zil eng Aarbecht ze fannen, resp. e Kontrakt ze ënnerschreiw en.

• Säit wéini gëtt et iech a vu weem sidd dir gegrennt ginn?

JF: Den Ufank vun der Initiative waren am Fong d'Gewerkschaften, respektiv Leit déi am Kiercheberäich engagéiert sinn. Si haten als grouss Gemeinsamkeet, dass si alleguer no mat der Aarbechtswelt ze dinn haten. Ech war zu där Zäit Gewerkschaftssekretär an do war een dann ëmmer en Usprechpartner fir erauszufannen, wou e Betrib en Aarbechter gesicht huet. Meeschtens war et awer esou, dass, wann ech eng Plaz wouss, dann hat ech kee Kandidat dofir. Mir hunn eis also iwverluecht eppes ze maachen, mat deem mer déi zwou Saache verbonne kréien. Dunn hu mer eppes gegrennt, fir den Aarbechtslose kënnen Aarbechtsplazen unze-ginn. Vill Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg ginn ënnert der Hand. Meng perséinlech Schätzung läit bei 60 Prozent, wou eng Aarbecht vergi gëtt, well een ee kennt oder well d'Betriber no ronderëm sech rekrutéieren. Dat war den Ufank vum Réseau. Well et ass jo e Réseau. E Réseau fir Aarbecht, mä wat eis awer och wichteg war, dat war den humanisteschen Aspekt an der Saach. Enger Persoun, déi aarbechtslooss ass, muss een och de Réck stäipen. Well dat ass grad de Moment, wou eng Persoun net gutt drop ass. Doraus huet sech dann an enger zweeter Etapp eppes entwéckelt, wat haut e professionelle Betrib ass. Mir hunn ugefaange mat Experten ze schaffen, fir eng Method op d'Been ze setzen, wéi mer de Leit systematesch kënnen hëllefen. Dat ganz huet 1993-1994 ugefaangen.

• Wou ass ären Haaptsätz a wou fënnt en den RTPH soss nach?

LK: Den Haaptsätz ass hei an der Stad op der Cloche d'Or, 16, rue Robert Stumper. Mir hunn awer och nach eng Antenn am Süden, also zu Esch an eng am Norden an déi ass zu Dikrech.

• Wéi eng Leit kommen haaptsächlech bei iech?

LK: Ech géing soe Multikulti. Dat ka genau esou gutt en Direkter sinn ewéi och en absolut onqualifizéierte Mënsch. Mir schécke kee fort. Mir sollten eigentlich just déi Leit unhuelen, déi beim ADEM ageschriwwen sinn, mä mir kucken awer esou gutt ewéi méiglech de Leit alleguer ze hëllefen. Wat elo d'Nationalitéiten ugeet, do hate mer 2011 40 Prozent Lëtzebuurger, 14 Prozent Portugisesch Matbierger, 3 Prozent Däitscher, 8 Prozent Franséischer, 3 Prozent Italiener a bal 6 Prozent Belsch. Wat elo d'Qualifikatiounen vum der Schoul ugeet, do hate mer 2011 3 Prozent, déi guer keng Qualifikatioun haten, 9 Prozent vun de Leit hate just eng Primärschoul, de classesche Lycée hate mer 7 Prozent, den Technique 44 Prozent, wat immens vill ass, Universitären hate mer 23 Prozent an Aarbechter 14 Prozent.

• An dem Alter no?

JF: Mir passen do op, dass mir net decaléiert sinn par rapport zur Realitéit dobaussen. Wat elo d'Qualifikatiounen an den Alter vun de Leit ugeet, stelle mer fest, dass mir am Fong dat selwecht hunn ewéi d'ADEM.

LK: Am leschte Joer hate mer 16 Prozent tëschent 15 a 25 Joer, tëschent 26 a 35 Joer 24 Prozent. Tëschtent 36 a 45 Joer 31 Prozent, tëschent 46 a 55 Joer 24 Prozent an tëschent 56 a 65 Joer dräi Prozent. Wat par rapport zu de leschte Joeren immens an d'Luucht gaangen ass, dat ass d'Altersspart tëschent 46 a 55 Joer. Wat elo d'Geschlechter ugeet, do ass et méi oder manner gläich.

• Huet sech dann do eppes geännert an de leschte Joeren?

JF: Mir waren eigentlich an där Hisiicht ëmmer 50/50. Dat entsprécht och der Realitéit vun der ADEM.

LK: Mir haten d'lescht Joer 312 Dossieren a mir probéiere jo ëmmer d'Leit um éischten Aarbechtsmaart ze placéieren. Mat deenen 312 Dossieren hate mir e gutt Resultat. 72,47 Prozent ware positiv.

- **Mat wéi enge Servicer schafft dir zesummen?**

LK: Dat kënnt drop un. Jee nodeem wéi eng Leit bei eis kommen, ass villäicht d'Aarbechtssich net hiren Haaptproblem. Wann elo zum Beispill ee kënnt mat Alkohol oder Drogeproblemer, da schécke mir e fir d'éischt an e Service, deen sech dorëms bekëmmert. Duerno kann en da bei eis erëmkommen an da gi mer d'Aarbechtssich un. Mir haten och scho Leit, déi si freides mëttes bei eis komm an déi woussten net, wou se owes sollte schlofen. Ech mengen do ass d'Aarbechtssich dee Moment net virrangeg. Oder wann een iwverschëlft ass, da schécke mir e bei de Surendettement.

JF: Vill Leit soen, dass si e Problem hunn, mä dass dee Problem verschwënnt, wa si bis eng Aarbecht hunn. Mä dat stëmmt net. Et ass éischer emgedréint. Et muss een de Leit och eng Perspektiv ginn. Dass se wëssen, wann si hire Problem am Grëff hunn, dass si da kënne bei eis zeréckkommen.

- **Hutt dir eng Konventioun mat engem Ministère?**

JF: Bis elo gëtt eise Service zu 25 Prozent vun der kathoulescher Kierch bezuelt an zu 75 Prozent iwwert d'Konventioun mam Ministère du travail.

- **Schafft dir och mat der ADEM zesummen? Wa jo, wat bréngt iech déi Zesummenaarbecht a wéi gesäit déi konkret aus?**

JF: Eis war et ëmmer wichteg mat der ADEM zesummenzeschaffen. Mir hu vun Ufank un drop gehalen, fir e Rapport mam Placeur ze kréien. Fir also den direkte Kontakt ze kréien. Dem Mann ze soen, wou hien eis kann hëllefen. Op der enger Säit ass et fir de Mann oder déi Fra en Erfolgeserliefnis, well hien e Resultat opzeweisen huet. An op der anerer Säit hëlleft et eis fir an hire System mat eranzekommen. Mir wësse wéi si denken. An dat ass en Avantage fir all Kandidat, dee bei eis kënnt. Mir hunn Zäit. Mir betreien 312 Leit a mir kënne eis Zäit huelen, fir mat de Leit ze schwätzen. Vun där Säit ergëtt sech dann eng ganz intelligent Zesummenaarbecht. Mir schaffen am Fong net mam Aarbechtsamt zesummen, mä éischer mat de Mataarbechter vum Aarbechtsamt.

LK: Et ass och wichteg fir d'Leit, déi mam Aarbechtsamt net esou frou sinn, dass si wëssen, dass d'Aarbechtsamt net déi Zäit huet. Op der anerer Säit sinn awer och d'Placeuren déi mat Momenter e bëssen Drock maachen. A wann de Placeur da gesäit, dass een sech zum

Beispill hei ageschriwwen huet, da kritt deen direkt e ganz anert Bild vun engem.

- **Wéi gitt dir vir, fir de Leit bei der Aarbechtssich ze hëllefen? Hutt dir eng speziell Method?**

LK: Mir hunn do jo eisen JobPilot, do kënne d'Leit sech an déi Formatioun aschreiwen. Et soll och jiddereen sech selwer aschreiwen, well mir hu schon d'Erfahrung gemaach, dass wann een aneren een aschreift, dann huelen d'Leit et net ëmmer sou eescht. Zweek Deeg virun der Formatioun ruffe mer d'Leit dann un, fir de Rendez-vous ze konfirméieren. Dat maache mir, well d'Leit eis wichteg sinn. Dann ass eng Seance Info, wou mer während zwou Stonnen dee ganze Parcours erklären. Dee Parcours fänkt mat der aktueller Situatioun un. Wou sinn ech? Wat kann ech? Wat well ech? Et gi jo Leit, déi hunn zum Beispill 20 Joer an engem Betrib geschafft. A wann do méi entlooss gëtt ewéi agestellt, dann ass et jo Quatsch fir an deem Beräich da weiderzesichen. Da kucke mer, wat de Kandidat soss nach kann oder wëllt. Villäicht kann een och Zousazformatiounen virgesinn oder esou. An da schaffe mer weider op en Dossier de candidature. Dat heescht, mir kucke ganz genau, wat ee kann, a wat e Patron fir den Idealkandidat hautdesdaags verlaangt. Do maache mer dann eng Fiche métier.

- **Ass et dann och d'Roll vun dem Beroder, deen den JobPilot mécht, engem ze soen, wa seng Ziler net realistesch sinn?**

LK: Jo. Dat muss een.

- **Kënnt dat oft vir?**

LK: Dat kënnt drop un

JF: Et ass dat Beispill mam Astronaut. Wann s du wëlls Astronaut ginn, da weess du, dass du an d'Ausland muss studéiere goen. Et kann am Prinzip jiddereen Astronaut ginn, mä et ginn der net esou vill gebraucht. Wann elo ee kënnt, dee wëll Astronaut ginn, awer ni aus dem Land eraus, da musse mer him soen, dass dat net ka klappen. Alles ass realisierbar. Mä et muss ee bereet sinn och en Effort ze ginn, fir dohinner ze kommen. Mir schécken d'Leit och emol tëschent de Siten hin an hier, dass se léieren sech am Espace ze beweegen. Wann ech Flexibilitéit verlaangen, dann heescht dat och dat.

LK: Mir schaffen esou wäit wéi méiglech am Grupp. D'Leit huelen an der Grupp méi un an et ass och eng aner Dynamik dran. Ech muss och soen, dass fir déi Fiche métier en Atelier net duergeet. Do schaffe mer zwee oder dräi Ateliere drun. Woubäi een Atelier plus ou moins zwou Stonnen dauert. Duerno schaffe mer dann um Dossier de candidature, also CV, Lettre de motivation. Et gëtt jo vill Leit, déi immens vill Viden an hirem CV hunn, da musse mer kucken, wéi mer dat optimal presentéiere kënne. Et duerf op kee Fall eng Ligen dra stoen, well de Patron ka jo zu all Moment iwwerpräiwen. A wann dann do egal wat drasteet, dann ass dat eng Faute grave, an domat e Kënnegungsgrond.

JF: Fir eis ass et wichteg, dass e Kandidat sech optimal duerstelle

kann. An dat kréie mer nëmmen hin, wa mir hie kennen a wann hien sech selwer kennt. Da kënne mir en CV maachen, deen einfach stëmmeg ass. Et muss ee kucken, wéi eng Fierf d'Firma huet. En CV op d'Luxair? Da muss blo a rout drakommen. Dat ass eis Professionalitéit.

LK: Et muss een och ëmmer kucken, bei wéi eng Firma ee wëll schaffe goen. Wann ech bei en Affekot wëll goen, da kann ech kee flippegen CV schécken.

JF: A virun allem muss den CV och der Persoun entsprechen.

LK: Wat och nach relativ schwéier ass, dat ass d'Simulation entretien. Mir hu Leit, déi hunn all gudden Dag e Virstellungsgespräch an trotzdem klappt et net. Do gesi mer da genau wourunner dass et läit a schaffen dann dorunner, dass dat besser geet. An de Parcours ass dann eriwwer, wann si de Kontrakt ënnerschreiwen. An der Moyenne sinn dat dräi Méint. Bei engem ass et méi, bei deem anere manner. Mir hunn och e Reseau u Patronen, deen ëmmer méi grouss gëtt a wou d'Patronen eis da froen, ob mir e Kandidat fir e Posten hätten, deen an hirer Firma fräi ass.

- **Wéi maacht dir iech no bausse bekannt?**

LK: Duerch Leit, déi bei eis waren. Also Mond zu Mond Propaganda. Am Radio hu mer den Jobdag, wou mer ëmmer derbäi sinn. Um Fernseh gouf et den Jobcoach, wou mer Leit gecoacht hu fir eng Aarbecht. Mir sinn och op der Foire präsent. An de leschte Joeren hate mer och Affichen an de Busser am öffentliche Transport. Mä ganz dacks ass et Mond zu Mond Propaganda.

- **Ass et haut méi schwéier eng Aarbecht ze fannen ewéi viru 15 Joer. U wat läit dat?**

JF: Et ass méi schwéier. An zwar an alleréischer Hisiicht well et ëmmer manner Aarbecht gëtt. Dat gëllt elo vläicht net direkt fir Lëtzebuerg, mä an der Grenzregioun ass et esou, dass et ëmmer manner ze schaffe gëtt. Dat läit dorunner, dass ëmmer méi Maschinnen an den Asaz kommen. D'Schmelze ginn ëmmer méi Hobbybetriber an déi onqualifizéiert Aarbecht oder iwwerhaupt déi mënschlech Aarbecht, gëtt a méi bëlleger Länner gesat. Dat ass esou.

Mir sinn hei an engem Héichlounland. Dat heescht mir maache just Aarbechten, wou vill Suen domat verdéngt sinn. Dat heescht awer och, dass nëmme qualifizéiert resp. héichqualifizéiert Leit dat maache kënne. An dat ass net fir jiddereen. Dat mécht och, dass vill Leit vun ausserhalb, vu wäit ausserhalb heihinner schaffe kommen, well si eben déi néideg Kompetenzen hunn.

- **Wat kann den eenzelnen da maachen, fir éischer oder méi einfach a méi séier eng Aarbecht ze fannen?**

JF: Ech ka mech net vun der Situatioun hier dohinner setze wéi den Hues, wann et donnert. Ech ka net soen, et gëtt keng Aarbecht. Et gëtt der hei zu Lëtzebuerg an et gëtt der och nach vill. Ech muss awer wëssen, wat ech wëll schaffen an ech muss mer Mëttele ginn, fir de Wee dohinner opzemaachen. An dat



© RFPH

ass eng vun eise Missiounen. Dat kann een och doheem maachen. Mä et ass besser, wann een dat mat Spezialiste mécht. Haut ass et esouguer e Fach an de Schoulen, wéi een

et mécht fir eng Aarbecht ze sichen. Dat gouf et hei zu Lëtzebuerg ni. Fir dass ech eng Aarbecht fannen, muss ech motivéiert sinn a mer déi richtig Hëllef sichen.

- **Wat ass de gréisste Feeler, deen d'Leit bei der Aarbechtssich kënne maachen? Wat ass den heefegste Feeler, deen d'Leit dobäi maachen?**

LK: Aus Erfahrung kann ech soen, dass vill Leit op e Virstellungsgespräch ginn a si sinn net preparéiert. Um Parcours, wa mam CV alles an der Rei ass a mir kommen da bei d'Simulation entretien, do kommen dann heiansdo lëscht Saachen eraus, wou mer dann och gutt laachen, mä mir trimmen d'Leit hei richtig, well bei engem Entretien sinn 80 Prozent vun de Froen, wou ech mech ka preparéieren oder esouguer muss preparéieren an et ass och net verbueden eng Preparatioun matzehuelen. En zweete Problem ass, vill Leit hunn einfach Angscht op een duerzegoen. Vläch ass et net méi esou heefeg, mä wann ech ee kennen, deen ee kennt, da geet meng Chance zimlech an d'Luucht.

- **U wat läit et, dass d'Frontalieren éischer hei zu Lëtzebuerg Aarbecht fannen, ewéi d'Leit, déi hei liewen (Resident)?**

LK: Och wann et elo villäicht krass klengt, mä heiansdo si mir Lëtzebuerg einfach ze bequem. Wann der vun der Musel kommt, do kommen d'Autos vu Bitburg a vu nach méi wäit erfort. Déi aner Säit, aus dem Frankräich, do kommen se all Dag vu Metz a vu Nanzeg. An da kënnt och nach déi Saach mat der Qualifikatioun dobäi. Do hunn ech och e bëssen Angscht, well wann et esou weidergeet mat der Schoulreform, da weess ech net, ob den Niveau vum zukünftege schaffende Vollek an d'Luucht geet.

- **Wat mengt dir, wéi d'Aarbechtssich am Joer 2025 wäert ausgesinn? Wat mengt dir, wat da vun de Leit erwaart gëtt? Gëtt et nach méi schwéier eng Aarbecht ze fannen?**

JF: Ech mengen den doten Trend geet virun.

LK: A nach méi CDD géing ech mengen. Wann een an Däitschland kuckt, ëmmer méi zäitlech begrenzte Kontrakter. Dat ass och net onbedéngt flott. Och net fir d'Leit. Mat nëmme CDD kann ee sech keng Zukunft opbauen.

JF: Et hänkt och dovun of, wéi d'Aarbecht sech entwéckelt. Wat bleift an Europa vun Aarbecht. 2025 ass net méi esou wäit...

Madame Künsch, Här Freylinger, Merci fir d'Gespräch!



© RFPH

ADEM zum ersten, ADEM zum zweiten...

Als ich nach Luxemburg gezogen bin, wollte ich nicht die ganze Zeit zu Hause bleiben. Ich suchte eine Arbeit, was aber nicht so einfach war, weil ich weder Französisch sprechen noch verstehen kann. Ich machte mich also auf den Weg zum Arbeitsamt, in der Hoffnung, dass sie mir helfen könnten, die Arbeitslosigkeit zu beenden. Auf dem Arbeitsamt angekommen zog ich eine Nummer und wartete. Als ich aufgerufen wurde, sprach ich mit einem

mir lapidar, dass man mir nicht helfen könne, da ich keine Leistungen vom Arbeitsamt beziehe. Da habe ich mich ein bisschen im Stich gelassen gefühlt. Bei meinem nächsten Termin beim Arbeitsamt, fragte ich meinen Vermittler ob er irgendeine Möglichkeit für mich sähe, eine Arbeit zu finden. Diese Antwort hat mich sehr schockiert. Er sagte allen Ernstes, dass er mir nicht helfen könne, weil ich Ausländerin bin - ich komme aus Deutschland.

Ich sehe ein, dass es für jeden schwer ist eine Arbeit zu finden, aber ich wusste nicht, dass es auch von vorneherein von der Nationalität abhängig gemacht wird. Man lernt eben nie aus.

Ich muss ganz ehrlich sagen, dass ich dann keine große Lust mehr hatte, mich regelmäßig beim Arbeitsamt zu melden.

Obwohl ich hier in Luxemburg schon offiziell gemeldet war, hatte ich noch nicht diese kleine Karte, die sich „Attestation d'enregistrement“ nennt.

Jetzt habe ich diese Karte, bin wieder beim Arbeitsamt gemeldet und musste feststellen, dass ich jetzt ganz anders aufgenommen und behandelt werde als davor. Scheinbar muss man tatsächlich erst im Besitz dieser Karte sein, damit man „besser“ behandelt wird. Denn nun sind die Vermittler immer freundlich.

Seit April 2011 bin ich jetzt im RMG und bekomme von ihnen noch einen Zuschuss. Ich habe auch einen Sozialarbeiter, der mir geholfen hat, eine ATI Stelle zu bekommen. Trotzdem bleibe ich bei der ADEM eingeschrieben.

Wenn man zu einer Fortbildung geschickt wird, sagt der Berater, dass man einen Lebenslauf und ein Bewerbungsschreiben braucht, die man dann dort mitbringen muss.

Wenn man das macht, erfährt man, dass der Lebenslauf und/oder der Bewerbungsbrief falsch aufgesetzt sind.

Dann lässt man sich dabei helfen, das Ganze richtig aufzusetzen nur um wenig später in einer anderen Fortbildung zu erfahren, dass es falsch aufgesetzt war und man wieder etwas Neues lernt...

Wenn man sich dann, so bewaffnet, auf Arbeitssuche begibt, erfährt man vielleicht erneut, dass der Lebenslauf oder das Bewerbungsschreiben falsch aufgesetzt sind.

Da fängt bei mir das Schmunzeln an und ich frage mich, welche von den vielen Versionen nun die richtige ist?

Whitecat



Le "Service Frontalier" est actuellement fermé
Pour tout renseignement adressez-vous s.v.p. à la réception.
Merci pour votre compréhension.

Die Abteilung für Grenzgänger ist zurzeit nicht besetzt.
Für weitere Auskunft wenden Sie sich bitte an die Rezeption.
Danke für Ihr Verständnis.

Vermittler, der mir dann ein Formular zum Ausfüllen gab. Zuhause füllte ich dieses Formular aus und brachte es am abgesprochenen Termin zurück. Erneut zog ich eine Nummer und wartete. Der Arbeitsvermittler nahm mir das Formular ab, stellte noch einige Fragen und gab mir dann ein blaues Kärtchen mit einem Datum, an dem ich wieder bei ihm vorstellig werden sollte. Nach mehrmaligen Melden bekam ich vom Arbeitsamt einen Brief, wo ich zu einer Informationssitzung gerufen wurde. Ich ging natürlich hin, immer noch in der Hoffnung man könnte mir irgendwie weiterhelfen, um Französisch zu lernen. Dort sagte man

ADEM

Ass
Dat
Eng
Méiglechkeet eng Aarbecht ze fannen?!

No ville Joren, déi ech fir d'Erzéiung vu menge Kanner doheem bliwwwe sinn, wëll ech mech elo erëm an d'Aarbechtswelt stierzen. Ech krut un d'Häerz geluecht mech op der ADEM anzuschreiwien. Also sinn ech mech aschreiwie gaangen. Den Här wor immens frëndlech an huet mech gelueft, well ech esou vill Benevolat opweises hat an där Zäit, wou ech am Dag fir meng Kanner da wor an owens en Deel vu menger Fräizäit als Benevole geschafft hunn. Da krut ech e Rendez-vous bei engem Placeur. Dat wor fir mech e bëssi komesch gelaf. „Dir hutt e Führerschäin B, da kënt dir jo net op engem Camion fueren“. Wat gelift???!!

Ech hunn och keen ofgeschlossenen Diplom muss ech soen an dofir sinn ech oppe fir alles. Dunn huet de Placeur gefrot, wat ech géif vum Secteur „Vente“ soen. Ech hu gemengt „egal“, ech si jo net wieleresch, hu jo keen Diplom.


„Egal hu mer net“! krut ech geäntwert. Na ja, ech kann awer keng Konditioune stellen a fir mech ass et kee Wonschconcert. Ech wier just frou, wann ech eng Aarbecht géif fannen, egal a wat fir engem Secteur.

Bei esou vill Leit, déi am Moment eng Aarbecht sichen, ass et schonn net einfach eppes ze fannen. Ech hu meng Demanden a mäin CV op vill Plaze geschéckt, déi ech an der Zeitung fonnt hunn. Ech krut awer och eng Plaz op der ADEM ugebueden, dat wëll ech hei awer bemierken.

An der ADEM gëllt keen Handyverbuert, esou datt een an alle Sproochen alles matkritt, wat d'Leit sech um Handy ze verzielen hunn, ob ee wëllt oder net. Aus Respekt steet mein Handy op lautlos, well déi puer, déi roueg do sëtzen hir Nummer ofzewaarden, esou ewéi ech, wëll ech net och nach mat mengem Blabla nerven. Wann ech muss dohi goen, fir mech beim Placeur ze mellen, ginn ech duerno eraus an hunn e Kapp ewéi e Faass vun deem ville Geschwätz vun de Leit op hirem Handy.

Ech hoffen, datt ech geschwënn eng Aarbecht fannen.

Fazit: ob diploméiert oder ouni Diplom, et ass am Moment net roseg um Aarbechtsmaart.



Opgepasst
op falsch Kollekten a falsch
«Mataarbechter»

Attention
aux fausses collectes au profit
de la Stémm vun der Strooss

D'Stémm vun der Strooss deelt mat, datt si nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafen oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stémm vun der Strooss, gitt him w.e.g. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stémm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

Dr Stémm consultations
médicales sur roues

Consultations médicales gratuites deux fois par mois le mercredi après-midi dans les locaux de la Stémm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Renseignements supplémentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden zweiten Mittwoch nachmittags in den Räumlichkeiten der Stémm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60

KM



Interview

mat der Madame Mariette Scholtus, Direkter vun der ADEM

- **D'ADEM ass reforméiert ginn. Wat huet sech do verännert? Gëtt d'Aarbeitsrecht elo méi einfach a klappt elo de Kontakt tëschent der ADEM an deenen, déi eng Aarbecht sichen, besser?**

Am Kader vun der Reform, déi am Januar publizéiert gouf, war eng Aktioun, dass mer dräi nei Agencéi bäikruten. Eng zu Déiferdeng, eng zu Diddeleng an eng zu Waasserbëlleg. Mir hunn och 34 nei Leit bäikritt. Dat sinn haaptsächlech Conseillers professionnels. Déi sollen an sech dozou bäidroen, dass de Kontakt mat de Patronen méi einfach gëtt an doduerch kënne mer dann och méi no bei deene Leit sinn, déi op der Sich no Aarbecht sinn.

- **Ass et wouer, dass op 150 Leit, déi eng Aarbecht sichen, also 150 Dossieren, just ee Placeur kënnt? Geet dat duer?**

E Schwäizer Expert, de Professeur Sinn, seet, dass op ee Conseiller professionnel e Maximum vun 100 Leit solle kommen. Dir hutt et selwer gesot, eise Ratio ass enorm erofgaangen. Virdrun hat der 650 oder 700 Leit, déi op ee Conseiller professionnel komm sinn. Wa mer elo kucken, wéi vill Leit dass ageschriwwen sinn, a wéi vill Leit sech spezifesch ëm d'Demandeure bekëmmere, da komme mer op deen dote Ratio. Et ass also eng vill verbessert Situatioun wéi déi, déi mer an der Zäit, nach virun dräi Joer kann ee soen, haten. Elo vum 1. Mee un, kënne d'Frontalieren sech och bei eis aschreiwven, da kann et sinn, dass de Ratio erëm an d'Luucht geet. Mir hunn awer 8 Conseillers professionnels agestallt, déi sech spezifesch nëmme ëm déi Leit këmmere. Mir mussen natierlech elo kucken, ob dat duer geet. Dat wësse mer elo nach net. Mir wëssen net wéi vill Leit dass kommen.

- **Wéi vill Leit schaffe fir d'ADEM? Wéi vill Leit dovun hëllef ganz konkret deene Leit dobaussen op der Sich no enger Aarbechtsplaz?**

Global gesinn hu mir 311 Leit. Dovu sinn der 63 Conseillers professionnels, da 6, déi sech ëm d'Mesures jeunes bekëmmere, mir hunn en extrae Service „Emploi des jeunes“, dann hu mir 11 Consultants. Dat sinn da keng Staatsbeamten. Déi kommen aus dem Privatsektor a ginn da bei eis an engem Consultantsverhältnis agestallt, an déi maachen dann d'Prospectioun bei de Patronen. Déi kënne den Dag duerch bei d'Patronen goen a kucken, wéi eng Profiller gebraucht ginn an da kucken se zesumme mat de Conseillers professionnels, ween dem gebrauchte Profil

entspricht. Déi Consultants maachen och Ateliers, zesumme mat eise Conseillers professionnels, wou da gekuckt gëtt, ween un der Aarbecht interesséiert ass. Ganz oft ass och de Patron an deem Atelier derbäi. Mir hunn och 11 Aarbeitspsychologen. Déi kënne de Leit hëllef, fir e Projet professionnel op d'Been ze bréngen, fir se an hiren Demarchen ze guidéieren. Ganz dacks maachen déi och e Bilan de compétence. Wann een eng Zäit op enger Plaz geschafft huet an et gëtt een entlooss, da kann et geschéien, dass een net méi weider weess. Da muss een den „Ist-Zoustand“ kucken a sech froen, wat ee wëll. Dat ass am Fong d'Aufgab vun den Aarbeitspsychologen. Dann hu mir 14 Educateurs gradués. Déi schaffen da mat deene Leit, déi Schwieeregkeeten hunn, fir an den Aarbeitsmarkt integréiert ze ginn. Dat si ganz oft Jonker, déi nach ni en CV a nach ni eng Lettre de motivation geschriwwen hunn. Déi mussen dann e bëssen encadréiert ginn. Awer och eeler Leit, déi zwanzeg Joer op derselwechter Plaz geschafft hunn an elo an eng Situatioun kommen, wou se sech mussen op engem Aarbeitsmarkt zurechtfinden, dee jo awer geännert huet. Dann hu mir 3 Assistantes sociales, déi sech och konkret ëm déi Leit bekëmmere, déi Problemer hunn. Mir hu Psychologen, Educateurs an och een Aarbeitsdokter, mä wat mer net ubidde kënne, dat sinn Therapien. Mä déi Assistantes sociales kënne Adressé vermëttelen, wou d'Leit kënne higoen, fir gehollef ze kréien. Dat sinn am ganzen 108 Leit, déi den Encadrement maachen. Dann hutt der nach d'Maison de l'orientation mat der Orientation professionnelle an dem BIZ op der Stäreplaz. BIZ dat ass de BerufsInformationsZentrum. Do sinn 13 Orienteuren, déi déi Jonk beroden. Et ass ee Psycholog do. Et komme Schoukklasse bei si, mä si ginn awer och selwer an d'Schoulen, fir deene Jonken ze erklären, wéi en Aarbeitsmarkt haut ausgesäit a wéi eng Profiller dass haut verlaangt ginn.

- **Wat muss d'Ausbildung vun engem Placeur resp. engem Conseiller professionnel sinn?**

Normalerweis eng Première. Mir rekrutéieren iwwert de Staatsconcours. Dat ass e Redakter Posten. Do muss een entweder eng Première hunn oder eng 13ème aus dem Technique.

- **Wat ass konkret d'Aarbecht vum Placeur a wat kann deen, deen eng Aarbecht sicht, vum Placeur erwaarden?**

Deejéinegen, dee bei de Placeur kënnt, muss jo säi Guide


demandeur ausfüllen, wou der jo och d'Kompetenze gefrot gitt. Wann dann e Poste fräi ass, da gëtt de Placeur dat a seng Datebank an a kuckt dann, ween am beschten op déi Plaz passt. Et muss een natierlech och oppassen, well och Leit kommen, déi just hallef Deeg wëllen oder kënne schaffen, well se kleng Kanner à charge hunn. Mir hu jo e Règlement grand-ducal iwwert den Emploi approprié, wou drasteet, dass et Limitte ginn, déi eng Persoun, déi schaffe geschéckt gëtt, muss akzeptéieren. De Fait, dass ee Kanner à charge huet, ass keen Argument fir eng Plaz ze refuséieren. Vun engem Placeur erwaart een sech, dass ee Plaz matkritt, dass ee sech ka virstelle goen an dass een a Kontakt mat engem Patron gesat gëtt.

- **Et ginn ëmmer méi qualifizéiert Leit gesicht. Gëtt et eng Méiglechkeet d'Beriber ze iwwerzeegen och onqualifizéiert Leit ze huelen, déi dann déi noutwennege Kompetenze beim Patron selwer léieren?**

Et sinn effektiv ëmmer méi qualifizéiert Plazen, déi eis gemellt ginn, a mir mussen natierlech versichen, déi Leit ze vermëttelen, déi bei eis ageschriwwen sinn. Wann elo een net honnertprozenteg op e Profil passt, da kucke mer mam Patron, ob mer deejéinege villäicht am Kader vun enger Moosnam entweder eng Jugendmoosnam oder mat engem Stage de réinsertion op dee Poste setze kënne. De Patron kritt dann eng staatlech finanziell Hëllef, wann en domat d'accord ass, fir deejéinegen an d'Aarbecht anzeféieren. Wann deen sech da positiv entwéckelt, da soll de Patron och bereet sinn, fir e fest anzustellen.

- **Besteet dann do net d'Gefor, dass e Patron een an esou enger Moosnam hëlt, a wann déi Zäit ofgelaf ass, den nächsten, fir esou Suen ze spueren?**

Dat mierke mir jo. Wann do een ass, dee just well vun deene Moosname profitéieren, da kënne mir un Hand vun deenen Dossieren nofroen, firwat dass en deejéinegen net gehalen huet. A wa mir da keng iwwerzeegend Argumenter kréien, da schécke mir keng Leit méi dohinner.



- **Momentan klëmmt d'Zuel vun de Leit am Chômage. Wat kann a wat mécht d'ADEM, fir dass dat sech ännert?**

Mir entloosse keen a mir stellen och net an. Mir sinn déi Instanz, déi deene Leit, déi bei eis kommen, eng Hëllefstellung gëtt, a mir versichen se ze begleeden, bis an d'Aarbecht. Mir kënnen kengem, dee bei eis kënnt, eise Service verwieren. Mir versiche gutt Kontakter mat de Patronen opzebauen. An eiser Gesetzgebung, déi am Januar publiziert gouf, steet, dass mir e Service employeur sollen hunn, also en extrae Service, deen sech ëm d'Patronen bekëmmert andeems dass regelméisseg Kontakt mat de Patronen opgeholl gëtt. Mir hunn och wëlles e Call Center opzemaachen. Do sinn och Leit rekrutéiert ginn, déi momentan an enger Formatioun sinn. Mir wëllen domat eisen Telefonsdëngscht optimiséieren. Déi Leit ginn esou geschoult, dass si den Demandeurs d'emploi kënnen Äntwerte ginn, mä et soll awer och esou sinn, dass och d'Patronen en direkte Kontakt sollen hunn an da kënnen weidergeleet ginn, entweder un e Consultant oder un e Conseiller professionnel, wann se eng Plaz ze mellen hunn. Wat mer och wëlles hunn eis unzëeegenen, dat ass de ROME. Dat ass e Répertoire Operationnel des Métiers. Dat hu mer eis vun de Franzosen ugëeegent. Ech hunn do mat Pool Emploi eng Conventioun ënnerschriwen, wou se eis de ROME zur Verfügung ginn an dee mir dann an eis Datebank eranhuelen.

- **Wat ass de richtege Wee fir haut eng Aarbecht ze fannen? Wéi muss ee ganz konkret virgoen?**

Et geet net duer, dass en sech bei eis aschreift an dann doheem drop waart, dass de Courier soll kommen. Et soll een och selwer déi néideg Demarchen ënnerhuelen. Sech op der ADEM aschreiw an awer och d'Borné consultéieren. Op der 10, rue Bender hu mer um 4. Stack de Club emploi. All Kéiers wann dir bei eis als Demandeur d'emploi ageschriwwe sidd, hutt dir d'Méiglechkeet an de Club emploi ze goen. Do stinn 12 Computeren zur Verfügung, wou der iech kënnt aloggen, ären CV kënnt eraginn, et kann een och bei Monster.lu oder Jobs.lu säin CV eropsetzen. Dir hutt bei eis Leit, déi all Dag d'Zeitung liesen an direkt affichéieren, esoubal eng Plaz ugebuede gëtt. Ronderëm de Club emploi sti grouss Panneauen, do sinn déi oppe Plazen affichéiert. Mir bidden och verschidde Formatiounen un. Ganz oft gesäit een och bei eis am Haus Affichen, wou Saachen ugebuede ginn. Do kann een da mat sengem Placeur Kontakt ophuelen. Et geet haut net méi duer nëmme just eng Demande ze schreiw. Wann een eng Demande schreift, da rufft een no dräi Deeg un, fir ze kucken ob d'Demande ukomm ass, ob ee kann e Virgespréich kréien. Dat ass eng Méiglechkeet, déi een huet.

- **Wat kann den eenzelne maachen, fir éischter oder méi einfach a méi séier eng Aarbecht ze fannen?**

Ee vu menge Chefs d'agence seet, dass d'Sich no enger Aarbecht e 24 Stonnen Job ass. Et kann ee sech a sengem Bekanntekrees ëmhéieren, ob net een eng Plaz weess, déi iergendwou fräi wier, sech dobaussen ëmkucken. Vill Geschäfte hu Pancarten

an der Fënster, dass se Leit sichen. Mir kréien d'Aarbeitsplazen net alleguer gemellt. Et ass eng Obligation légale fir e Patron sech bei eis ze mellen, mä mir wëssen awer, dass net all Aarbeitsplaz bei eis gemellt gëtt. De Wee op d'ADEM ass net ze vergiessen. Zeitung liesen. Wann een hei zu Lëtzebuerg näischt fënnt, da kann ee säi Profil och an den Reseau EURES setzen. Do fënnt een dann Annoncen am Ausland. Mä natierlech muss een och bereet dofir sinn, dat ze maachen.

- **Wat ass de gréisste Feeler, deen d'Leit bei der Aarbeitsplaz maachen a firwat ass dat e Feeler?**

Ech kréie gesot, dass déi Leit, déi mir bei de Patron schécken, sech net gutt verkafen. Dass se net flexibel genuch sinn, dass se net mobil genuch sinn. Säin CV, deen een éierens eraschéckt, muss ee soignéieren. Loost ären CV ëmmer eng Kéier vun engem anere kucken, éier der en aschéckt. Well deemno wéi d'Presentatioun ass, gitt der emol guer net zu engem Virstellungsgespréich invitéiert.

- **Wann dir Plazen hutt fir de Leit unzebidden, ass et dann den Zoufallsprinzip deen entscheet, ween déi Plaz ugebuede kritt? E Beispill: 2 Damme sichen eng Plaz als Vendeuse, wunnen an der Stad an hunn déi selwecht Formatioun. Déi eng Dame kritt d'Carte d'assignation geschéckt vum Placeur, déi zweet Dame awer net. Firwat kréie verschidde Leit vill méi Assignatiounen wéi anerer?**

Dat ass wierklech eng gutt Fro. De Conseiller professionnel geet a seng Datebank kucken. An dee mécht dann d'Selectioun. Villäicht ass et esou, dass déi eng Dame gëschter eréischt do war. Dofir ass déi him méi präsent ewéi déi aner, déi villäicht virun dräi Wochen do war. Mä u sech duerf dat net sinn. Et ass awer och esou, dass et beim Patron net gutt gesinn ass, wann ee 50 Leit op eng Plaz schéckt. Do muss eng Selectioun gemaach ginn. Et gëtt nämlech gesot, dass een op eng oppe Plaz net méi ewéi 5 Kandidate soll hischécken.

- **U wat läit et, dass d'Frontalieren éischter hei zu Lëtzebuerg Aarbecht fannen ewéi Leit, déi hei liewen (Résident)?**

Do ginn et verschidde Ursachen. Et ginn natierlech och Firmen, déi aus dem Ausland heihinner kommen an sech hei etabléieren. An déi bréngen dann hire Stack Leit mat. Ganz vill Chefs de ressources humaines si keng Residenten. Déi kommen dann entweder aus der Belsch, aus Däitschland oder aus dem Frankräich a ginn dann och éischter an déi Géigend rekrutéieren wou si hier sinn. An dat bréngt et mat sech, dass dann erëm méi Frontaliere bei eis an d'Land kommen. Mir versichen dann ëmmer erëm dat ganz ze duerchbriechen andeems mer de Patron sensibiliséieren. Mir versichen och den Delegatiounen aus de Betriber verständlech ze maachen, dass et gutt wier, deene Leit, déi bei eis ageschriwwe sinn, och eng Chance ze ginn. Dat kann op laang Siicht jo nëmme eise Profit sinn.

Merci fir d'Gespréich, Madame Scholtus!

Interview

mat der Madame Jans-Filbig

vun Initiativ Rëm Schaffen a.s.b.l.

Säit 1987 gëtt et d'Initiativ Rëm Schaffen, déi vum Här Willy Burg gegrënnt ginn ass. De Service huet sech dunn u Frae geriicht, déi no enger Familljepaus oder Scheedung rëm hu wëllen oder musse schaffe goen. D'Initiativ huet Bureauen zu Esch, zu Lëtzebuerg an zu Ettelbréck.



- **Wat sinn d'Ziler vun Initiativ Rëm Schaffen a.s.b.l. an u wéi eng Leit riicht sech är Offer?**

Am Ufank war et geduecht fir Fraen, déi erëm wollte schaffe goen. Am Laf vun de Joeren huet sech dat awer geännert an zwar an deem Sënn, dass mir elo e Service si fir jidder, deen Aarbecht sicht. Männer, Fraen, Jonker, manner Jonker, Leit, déi opgehale hu mat schaffen, Leit, déi am Chômage oder am RMG sinn an och Leit, déi eng Aarbecht hunn a wiessele wëllen.

- **Wat bitt dir alles un Hëllef un?**

Wat mir ubidde kënnen, ass Berodung, mir huelen eis Zäit, fir mat de Leit ze kucken, wat se wëllen, wat se kënnen, wat hir technesch Kapazitéite sinn. Mir kënnen och praktesch Ënnerstützung ubidden, de Leit also beim CV a bei der Lettre de motivation hëllef, Virstellungsgespréicher üben asw. Dat bidde mir net pauschal un, mä do kucke mir mat jidderengem individuell.

- **Musst dir d'Leit och heiansdo motivéieren, fir dass si weitermaachen?**

Ech ging soen, ëmmer méi. Jidder, deen eemol no Aarbecht gesicht huet, weess, wéi demotivéierend et ass, wann ee vill schreift a vill Ofsoe kritt. Et ass haut net méi ewéi virun 10 Joer, wou een zwee oder dräimol geschriwwen huet an dann eng Aarbecht hat. Dat knabbert natierlech un de Leit an dofir ass et wichtig, dass d'Leit Servicer hunn, wou se sech kënnen hiwenden, fir erëm Energie ze kréien.

- **Wéi gesäit eng konkret Hëllef bei iech aus?**

Virun allem konkret mat de Leit kucken, wou sinn d'Plazen?



Wann een an engem bestëmmte Beräich sicht, da mat de Leit Recherche maachen, wou een eppes fanne kann, wa Leit kee Computer hunn, da mat hinnen zesumme kucken, wou een Aarbechte fanne kann. Mir hëllef hinnen awer och, wann si Angeboter vum Aarbechtsamt kréien, d'Bréiwer opzesetzen, wann et muss schrëftlech sinn.

• **Kommen haaptsächlech Fraen oder och Männer bei iech?**

Am Ufank war et éischter fir Frae geduecht. Mëttlerweil kommen awer och Männer bei eis, awer nach ëmmer méi Fraen ewéi Männer. Et ass awer och an all Bureau verschidden.

• **Kritt dir och e Feedback vun de Leit?**

Mir begleeden d'Leit esoulaang, wéi si dat wëllen. Déi meescht Leit bleiwen am Kontakt oder kommen esoulaang, bis se eppes Passendes fonnt hunn. Mir sinn ëmmer erëm frou e Feedback vun de Leit ze kréien.

• **Wéi gitt dir vir, wann z.B. een op e Gespréich bei iech kënnt, fir Hëllef ze kréien?**

Mir schaffen nëmmen op Rendez-vous fir en éischt Gespréich ze maachen, well et wichteg ass, eis Zäit ze huelen. Mir wëllen net just a fënnf Minuten eng Fiche ausfüllen, mä et ass eis och wichteg de Mensch ze verstoen. Mir kucken, wat hie wëll maachen, ob hien dat, wat hie wëllt, och ka maachen, ob hien dofir déi néideg Qualifikatiounen huet, ob e keng gesondheetlech Problemer huet, déi verhënneren, dass en dat maache kann.

• **Kommen och Fraen ouni Kanner bei iech?**

Et ass keng Konditioun Kanner ze hunn, fir bei eis ze kommen. Vill Fraen hunn awer Kanner an da kënnt och nach de Problem vun der Garde derbäi. Wann déi net assuréiert ass, da gëtt et och net vill mam Schaffen. Et kommen och ganz vill Jonker, déi nach keng Kanner hunn.

• **Übt dir och Virstellungsgespréicher?**

Dat wichtegst ass jo, dass all d'Ënnerlagen an der Rei sinn. Wann een da geruff gëtt, da muss een sech awer och nach verkafe kënnen. Wa mir gesinn, dass Leit zwee oder dräimol erëm kommen, well et mam Virstellungsgespréich net geklappt huet, dann übe mir dat och mat de Leit.

• **Wéi ginn d'Leit iwweier iech informéiert?**

Mir hunn en Internetsite, mä déi meescht Leit kommen, well een hinne gesot huet, dass et eis gëtt. Also ganz vill Bouche à oreille.

Villmools Merci fir d'Gespréich!

WEIDER INFORMATIOUNEN:

www.remschaffen.lu
Tel.: 53 23 78
Initiativ Rëm Schaffen
10, rue de l'Eglise
L-4106 Esch-sur-Alzette

Interview

mat der Madame Pitou ANTONI
vum Centre pour femmes, familles et familles monoparentales (CFFM)



• **Säit wéini gëtt et déi Associatioun?**

Eisen Service gehéiert zu Femmes en Détresse. Des ASBL ass 1979 entstanden aus enger Aarbechtsgrupp vum MLF (Mouvement de Libération des Femmes), mam Ziel Fraen an Kanner ze schützen virun der Gewalt vun de Männer. Eisen Service den CFFM (Centre pour femmes et familles monoparentales) deen ass 1986 gegrënnt ginn am Kader vun engem europäeschen Projet. Dat war den deuxième Programme de lutte contre la pauvreté et l'isolement social. Déi hunn festgestallt dat eleng erziéind Leit en erhéichten Risque hunn fir an d'Aarmut ze rétschen oder an déi sozial Isolatioun. Well bei den Eleng-Erzéier bis zu 90% Fraen sinn, an mir als Organisatioun fir Fraen zoustänneg sinn, hunn mir den Projet dunn iwweierholl. Während 4 Joer ass dunn d'Halschecht vum Familjeminstère (den war déi Zäit och zoustänneg fir d'Fraen) an déi aner

Halschecht vun Bréissel bezuelt ginn. Wéi sech dunn erausgestallt huet, datt et en noutwennegen Projet wier, gouf et fir d'éischt ganz vum Familjeminstère an dunn vum Chancëgläichheetsministère iwweierholl.

• **Wéi genau hëllef dir den Leit?**

Mir hunn een Service deen mir Nei Ufank nennen, dat ass eisen Service social. Do schaffen eng Sozialaarbechterin, eng diploméiert Pädagogin an eng Sozialpädagogin. Do kann en mat all Fro kommen zum Thema Aarbecht oder Formatioun oder mat Froen wat d'Pabeieren vun Administratiounen oder ähnlech. Mir kënnen eis och ëm Froen zum RMG, Assistance judiciaire an sou wieder. Wa mir selwer net weiderhëllef kënnen dann guidéieren mir d'Leit bei déi zoustänneg Servicer. Eng Sozialpädagogin këmmert sech ëm alles wat mat Erziéung ze dinn huet. Froen oder

Problemer déi Elteren par rapport zu den Kanner hunn. Si hëllef de Leit och mat Entspannungstechniken aus der Sophrologie, sech an Stresssituatiounen ze entspannen, an schwierigen Zäiten besser mat sech selwer ëmzegoen an se ze ënnerstëtzen, hir eegen Kompetenzen ze spieren an ze benotzen. Et gëtt och psychologesch Berodung gemaach an mir hunn Psychologinnen déi sech ëm Problemer këmmen déi Fraen, Elengerzéier, an Fraen, déi an Gewaltsituatiounen liewen betreffen. Mir hunn och eng Sekretärin déi di éischt Uspriechpartnerin um Telefon ass an déi d'Leit empfängt. Vun eis ass och den Service Krank Kanner doheim gegrënnt ginn.

• **Brauchen eleng erziéind Mammen aner Hëllef wéi eleng steeënd Fraen?**

Jo, wann en Kanner huet brauch en ganz aner Saachen. Dat ass mat eng Ursach firwat mir den Service Krank



© CFFM

- **Wat rot dir de Mammen?(z. B. et gi jo Mammen, déi sinn iwverfuert oder wëssen am Ufank guer net, wou se Hëllef hier kréien, asw...)**

Mammen sollen en Equiliber an hirem Liewen fannen, an hirer Roll als Mamm, hirer Roll als Fra an awer och hirer Roll am Berufsliewen. Ech mengen wann en Kand kleng ass, dann gesäit eng Mamm am Liewen oft just nach d'Kand, dat heescht si ass just nach Mamm an Haushälterin. Dat ass och ok. fir puer Méint, mä dann muss si sech awer och rëm ëm hir aner Rollen këmmen. Et ass wichteg datt en sech Zäit fir säi Kand hellt mä et ass geféierlech wann Kand 100 Prozent vun den Inhalter vum Liewen vun der Fra anhuel. Et muss en och zefridden mat sengem eegenen Liewen sinn, an net vum Kand erwaarden dass et alles mécht wat mir net gemaach hunn. Do besteet d'Gefor dass d'Kand wéineg Fräiheet huet säin eegene Wee ze goen an dass et d'Gefill ka kréien ëmmer erëm ze versoen. A Kand ze erzéien ass eng wichteg Aufgab an eng grouss Erausforderung. Et kann een sech roueg hëllef loossen wann mol Schwierigkeeten op een duerkommen sollten oder wann een sech iwverfuert fillt.

- **Kommen och Männer bei iech oder ass et ausschliisslech nëmme fir d'Fraen?**

Et kommen zwar Männer, awer net vill. Si kommen an d'pädagogesch Berodung an an déi Gruppen vun den elengerzéienden Elteren. Dat sinn Gruppen wou déi Leit sech ënnereneen austausche kënnen. Si kennen dann mat Leit an der selwechter Situatioun schwätzen wéi se sech organiséieren an kënnen sech géigesäiteg Tuyauen ginn wéi si dëst oder dat gemeet hunn.

- **Ass d'Zäit begrenzt, wéi laang d'Leit bei iech dierfe kommen?**

Nee. Mir kucken natierlech fir eng gewëssen Efficaciteit ze hunn. Et ginn awer Leit déi iwver Joeren an Joeren bei eis kommen, wann och net déi ganzen Zäit. Ech hunn elo Leit déi hunn ech kennegeléiert ëm 1986 wo

ech hei ugefangen hunn, dunn haten si kleng Kanner an elo si se schonn Bomi. Vun deenen Leit, kennen ech hiert ganzt Liewen, an wenn si e Rot brauchen, dann mellen si sech.

- **Hëllef dir och de Leit eng Aarbecht sichen oder mussen si dat eleng man?**

Mir begleeden se, an ënnerstëtzen se. Mir kucken och hiren Dossier no hëllefem beim Erstellen vun CV an Motivationsbréiwer an froen si wéi et am beispillsweis Entretien gelaf ass.

- **Brauchen se nach är Hëllef, wann se eng Aarbecht fonnt hunn?**

Jo natierlech. Mir bidden och fir déi Leit nach ëmmer Sophrologie un, wat vill vun Leit déi schaffen gefrot ass. Och fir déi psychologesch Berodung kommen vill Leit déi schaffen.

- **Kritt dir Feedback vun de Leit?**

Jo. Ech fannen et ass einfach wonnerbar ze gesinn wéi iwver all déi Joeren d'Leit och d'Fäegkeeten hunn aus enger Krise eraus ze kommen. Et ass flott ze gesinn wéi Leit déi an engem schwaarzen Lach waren erëm opginn wéi Blummen. Eis Philosophie ass jo den Leit hëllefem déi Fäegkeeten rëm ze erwächen déi an hinnen schlummen fir dann dës erëm ze notzen. An all Mënsch ass gläich, all Mënsch ass wäertvoll, all Mënsch kann eppes an all Mënsch ass hei wëllkomm!

Merci fir d'Gespréich!

Caroline

Unemployed + Underqualified + Underpaid = Unwanted

At the end of 2010, there was 23.1 million people unemployed in Europe (*Eurostat 2010 Third Quarter Data*). As jobs become scarce, the youth, women, ethnic minorities, the handicapped and those that live in poverty, are the groups that are at the bottom of the ladder when the choices for possible candidates have to be made. Those receiving social welfare have even less of a chance. These are the candidates for the jobs that involve a low pay and anyways, these jobs are usually of a short or limited duration. Qualified workers are then forced to accept jobs where any nonqualified person is also considered. Rejection usually comes in the form of «too young, not enough experience» or «too old, overqualified».

Today people are constantly moaning about the financial crises and resulting wars while the poor and disadvantaged suffer mostly from their stagnation on the job market; with poverty constantly knocking on their door. More and more people are falling into what they think will be a short-time period of poverty (due to unemployment or illness) and more and more people are going to bed lately hungry; with the hope that things will get better tomorrow. All they end up with is going nowhere quickly and most end up going down a nasty and unknown road that has many twists and turns. This «Highway to Hell» is called «Living in Poverty». Swallowing their pride, which always leaves a bad taste in your mouth, one has to take his hat in hand and must live with what crumbles are thrown to him. A tough cookie to chew on when one cannot beg, borrow or steal. You are only left with becoming dependant on your faith, hope and charity and become dependent upon the goodwill of those around them. For those new to poverty, their lifestyles have to be adapted, social and domestic needs must go through many drastic changes with most people do

not cope with. Some cope, while others tend to drown in their misery or find a decadent way to numb the pain of living a life with no future, through the abuse of alcohol or drugs, sometimes both.

NGO (Non-Governmental Organizations) systems use the aspect of «For the people, by the people» and try to influence social systems to use the same technique, for the world of unemployed has many professions and those with experience, volunteer today, just to avoid stagnation, boredom and addictions such as alcoholism and drug-abuse. Job satisfaction has nothing to do with the wages received.

The amount of unemployed (those that are registered at the unemployment office is ca. 15,800) and those depending upon social assistance or welfare (ca. 15,000) is constantly rising as the influx of migrant workers increases. These numbers do not include those receiving a small pension while the rest accent their small pension with RMG (Revenu Minimum Garanti). Stagnation is the killer of all ambitions. Frustration from bureaucracy and lack of solutions for simple problems leads to other problems, mostly domestic problems. Communication breakdown between organizations, administrations and ministries opens up a world of going around chasing papers that are required and takes time. This sea of paperwork is like jogging through a field full of mud. Tiring, never-ending and always with a dark horizon in sight.

If you or your friends have any ideas on how to combat this situation, please do not hesitate to call, or write us your opinions or ideas... because there are literally hundreds of people dying to hear them.

gen



Interview

mam Martine Lentz, Diplom-Pädagogin beim Service National de la Jeunesse

- **Wat ass de Service volontaire d'orientation? Wéi muss een sech dat virstellen? Wéini gouf de Service gegrënnt, ween hat d'Iddi dozou?**

De Service volontaire d'orientation, kuerz SVO, ass ee Programm, deen et säit Oktober 2007 gëtt, an deen sech u Jonker am Alter tëscht 16 an 30 Joer riicht, déi entweder d'Schoul ofgebrach hunn oder Jonker, déi wollten z.B. eng Léier man an awer kee Patron fonnt hunn. Oder generell Jonker, déi ouni Beschäftigung doheem setzen an déi sech awer wëllen engagieren, fräiwëlleg engagieren, dofir Service volontaire.

- **Dat heescht, dee Service riicht sech dann u Jonker bis 30 Joer, mä wéi ass et dann? Hutt der Succès domat? Ass et eppes, wat vill gefrot ass oder ass et villäicht nach ze nei, datt et sech nach muss méi entwéckelen? Wéi gesäit dat do elo aus?**

Säit Oktober 2008 sinn ech dobäi, dat heescht ech war net bei den alleréischte Schrëtt dobäi. Ech weess awer, datt et am Ufank natierlech e bësse méi lues ugelaft ass, mee am Joer 2010 hatte mer awer schon iwwert 300 Demanden a fir d'Joer 2011 wäerten et méi wéi 500 Demandé vu Jonker sinn, déi bei deem Programm matmaache wëllen. An allgemeng kann ee soen, datt all Dag 2 bis 3 Inscriptiounen erakommen, also Demandé vu Jonker, déi sech an den SVO aschreiwten.

- **A wéi gesäit dat elo praktesch aus?**

De Service riicht sech u Jonker bis 30 Joer an et fänkt bei 16 Joer un. Fir hei matzemaachen, muss een also eng Fiche d'inscription ausfüllen, da ginn déi Jonk an en Entretien geruff, fir ze kucken, wou de Jonke steet a wat seng Motivatioun ass, fir bei deem Programm matzemaachen. Da muss och all Jonken eng Formatioun matmaachen, éiere beim SVO kann ufänken. D'Durée vum Volontariat ka vun 3 bis maximal 12 Méint goen.

- **Wéi gesäit esou eng Formatioun aus, a wéi laang dauert déi?**

Während där Formatioun, déi 4 Deeg dauert, gëtt nach emol am Detail gekuckt, wat den SVO ass a wat dem Jonke seng Rechter a Flichte während dem Volontariat sinn. Mir schaffen awer och mat de Jonken un hirem Interêt an dofir mache mir

Visitten a verschiddeenen Organisatiounen, fir datt déi Jonk en éischten Abléck an z.B. eng Maison Relais oder en Altersheem kréien. Am Uschloss vun der Formatioun ginn zesumme mat dem Jonke Schnupperdeeg organiséiert. Dat heescht, e ka während 2-3 Deeg an eng oder méi Organisatiounen schnuppere goen, fir rauszufannen ob z.B. de Beräich Kanner oder al Leit als SVO a Fro kéim. Wann dat de Fall ass, kann eng Conventioun tëscht dem Jonken, der Organisatioun an dem SNJ ënnerschriewe ginn, wou d'Durée vum Volontariat an d'Aufgabe vum Jonken dra festgehale ginn.

- **Wier dat dann och eppes fir jonk Leit, déi keen Urecht op den RMG hunn an awer trotzdem eng Beschäftegung sichen? Déi Leit, déi bei eis kommen, zum Beispill?**

Jo, firwat net? Déi eenzeg Konditioun ass eben, dass ee muss tëschent 16 an 30 Joer al sinn an et muss ee Résidant légal hei zu Lëtzebuerg sinn. Dat sinn déi zwou eenzeg Konditiounen, déi mer hunn. Et muss een och net op der ADEM ageschriwwen sinn, fir bei eis matzemaachen.

- **Dat heescht, wann een eng Adress huet an et duerf ee sech zu Lëtzebuerg ophalen, da kann ee sech am Prinzip bei iech mellen, wann een tëschent 16 an 30 Joer huet?**

Jo. Den interesséierte Jonke gëtt dann an en Entretien geruff an da stelle mer zesumme fest, ob den SVO eng Méiglechkeet fir de Jonken ass oder net.

- **Dat heescht, et kéint een theoretesch och refuséiert ginn?**

Jo. Awer och nëmmen, wann een deene Konditiounen net entsprécht oder, wat och heiansdo virkënn, dass mer Jonker hunn, déi aner Problemer hunn, z.B. zevill grouss familiär oder och psychesch Problemer, wou mir da soen, dat muss fir d'éischt an d'Rei gemaach ginn, éier de Jonke prett ass, fir sech an enger Organisatioun 35St/Woch kënnen ze engagieren.

- **Dat heescht, e Mimimum u Stabilitéit muss gi sinn, éier een dat ka maachen?**

Jo.

- **Déi Jonk, déi bei iech matmaachen, ginn déi och bezuelt? Si si jo an enger Iwwergangsphase, mengt dir dann d'Leit wieren duerno nach ëmmer motivéiert fir an d'Schoul ze goen oder eng Ausbildung oder eng Uni ze maachen, wa si elo eng Pai kréien, an si bis eng Kéier matkrut hunn, wéi ee kann onofhängeg sinn oder seng Sue selwer ausginn?**

Fir op den éischten Deel vun der Fro ze äntweren, déi Jonk kréie keng „Pai“. Et as jo keng fest Aarbechtsplaz. Si kréien en Täschegeld. Si kréien och lessensgeld. An déi Jonk, déi nach mannerjähreg sinn, kréie weider hiert Kannergeld.

- **Kréien si dat da bei déi aner Suen dobäi?**

Jo. Kannergeld plus Täschegeld plus lessensgeld. An déi Jonk, déi groussjähreg sinn, also ab 18 Joer, déi kréien dat och. Also Täschegeld plus lessensgeld an amplaz vum Kannergeld, kréien si eng Aide financière. A fir den zweeten Deel vun denger Fro ze beäntweren, et ass jo esou, dass den SVO limitéiert ass op ee Joer. Duerno mussen se da schon iwwerleeën, wéi et soll weidergoen. Natierlech kréien déi Jonk da gehollef, mat deene Leit vum SNJ fir e Projet „après SVO“ opzestellen. Dee Projet kann z.B. sinn, fir rëm zrëck an d'Schoul ze goen oder eng Léier unzefänken.

- **Begleet dir déi Leit dann duerno nach weider, a kritt dir och Feedback vu hinnen?**

Et wier flott, wa mir heiansdo Réckmeldunge kriteren. Verschiddeener mellen sech, mee meeschtens héiere mer leider näischt méi vun deene Jonken. Mir hunn och leider net déi Zäit, fir bei jidderengem unzeruffen an nozefroen. Mir hoffen also, dass si sech heiansdo bei eis mellen.

- **Wéi vill Servicer maachen hei zu Lëtzebuerg mat? A wéi eng Beräicher sinn dat?**

Déi Jonk kënnen sech an esougenannten Organisations d'accueil engagieren. Dat sinn Organisatiounen, déi den Agreement hunn an déi Jonk an de Volontariat ophuelen. Dat sinn haaptsächlech A.s.b.l.ën a ganz vill aus dem soziale Beräich. Iwwert d'Land verdeelt hu mer am Moment circa 100 Kontakter aus deene verschiddeenste Beräicher. Ganz vill Maison Relais, och Altersheem oder Organisatiounen, déi mat Behënnerte schaffen. Awer och Jugendherbergen, oder déi Jonk kënnen sech am administrative Beräich engagieren oder am Service technique. De Service technique an engem Altersheem bedeit zum Beispill, dass een de Wues muss méinen oder d'Hecke schneiden oder d'Zëmmeren nei usträchen oder eng Bir an der Luucht wiesselen.

- **Wéi gëtt een dann elo zum Beispill Organisation d'accueil?**

Also entweder mellt een sech bei eis, dat ass deen ee Wee, oder deen anere Wee funktionéiert besser, an zwar, dass mir d'Organisatiounen uschwätzen. Wa mir eng Organisatioun fannen, déi intresséiert ass, da froen si en Agreement un. Déi Demande geet duerch eng Kommissioun, déi hiren Avis ofgëtt. Deen Avis geet weider un d'Ministesch a mat hirer Ënnerschrëft ass den Agreement 3 Joer gültig. Well mir, wéi virdrun ugedeit, ganz vill Jonker hunn, déi beim SVO wëlle matmaachen, si mir ëmmer op der Sich no neien Organisatiounen, déi de Jonken d'Méiglechkeet ginn, fir praktisch berufflech Erfahrungen ze maachen.

- **Wat soen déi Jonk, déi esou e Volontariat hannert sech hunn? Sinn hir Erfahrungen ëmmer positiv?**

Gréisstendeels. 75% vun deene Jonken, déi esou e Volontariat gemaach hunn, ginn entweder erëm zeréck an d'Schoul, fänken eng Léier un, si sinn also motivéiert fir hiert Liewen hano an d'Hand ze huelen.

- **Kann een esou eppes nëmmen eemol maachen, oder och e puermol hannereneen?**

Wéi ech virdu sot, ass de Maximum ee Joer. Wann een seng 12 Méint SVO opgebraucht huet, ass et leider riwwer. Wann een awer als Beispill 1x 6 Méint SVO gemat huet, huet een theoretesch nach 6 Méint iwwreg, déi een eventuell zu engem spéideren Zäitpunkt kéint maachen.

- **An deenen 12 Méint, ass do de Congé mat agerechent, oder sinn et 12 Méint, wou ee wirklech dohi geet?**

An den 12 Méint ass de Congé mat dran. Déi Jonk hunn zwee an en halwen Dag pro Mount.

- **Kann ee fir esou e Volontariat och an d'Ausland goen oder kann een dat nëmmen hei zu Lëtzebuerg machen?**

Den SVO also Service volontaire d'orientation ass just fir hei zu Lëtzebuerg. Et kann een sech och am Ausland engagieren am Service Volontaire Européen an am Service Volontaire de Coopération. Fir weider Informatiounen zum SVE kann een de Georges Zeimet a fir den SVC d'Nadine Ruppert kontaktieren.

- **Ass d'Nofro méi grouss fir d'Ausland oder fir Lëtzebuerg?**

Also insgesamt fir Lëtzebuerg. Bei denen anere Servicer ass och e bëssen en anere Profil gefrot: de Jonke soll autonom schaffe kënnen a muss och groussjähreg sinn.

- **Wat géings du perséinlech deene Leit roden, déi elo am Moment an d'Schoul ginn?**

Ech denken, an d'Schoul goen ass eng gutt Saach, en Diplom oder en Ofschloss maachen ass nach besser, domat huet een um Aarbechtsmaart vill besser Chancen!

Villmools Merci Madame Lentz fir d'Gespréich!

(Interview vum September 2011)

WEIDER INFORMATIOUNEN:

www.volontaires.lu / www.snj.lu
Tel.: 2478 64 67

ADRESSE:

Service National de la Jeunesse
138, boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg

www.volontaires.lu/sites/volontaires.lu/files/SNJ-ParcoursJeunes.pdf

Interview

mat der Madame Caroline Milbert-Bové Responsabel vun der Agence du bénévolat

D'Madame Caroline Milbert-Bové ass säit September 2011 Responsabel vun der Agence du bénévolat. Si ass vu Beruff Infirmière sociale (assistante d'hygiène sociale) an si schafft Mi-temps fir d'Agence du bénévolat. Et schafft nach eng Persoun ganzdags bei der Agence du bénévolat, déi de ganze Volet administratif iwwerhëlt.

• Wat ass d'Agence du bénévolat?

D'Agence du bénévolat ass eng Struktur, e Service, dee conventionnéiert ass mam Familljeministère. Mir hunn als Patron eng ASBL, Association du Bénévolat Luxembourg a.s.b.l., déi besteet aus 11 Associatiounen aus verschidde Beräicher. De Bureau exécutif, dee vun deenen Associatiounen mandatéiert ass, steet eis zur Säit, fir all di néideg Decisiounen ze huelen.



Mir sinn engersäits do, fir d'Benevolen ze ënnerstëtzen an anerersäits fir d'Associatiounen ze ënnerstëtzen. Als Angebot hu mir fir d'Associatiounen eemol am Mount eng Permanence juridique, wou si kënnen Froe beäntwert kréien. Zum Beispill wat hir Alldagsgeschäfte, Statuten a.s.w. ugeet. Doriwuer eraus hu mir eis als Zil gesat, hir Projeten ze ënnerstëtzen, gemeinsam e Profil vun de Benevolen ze erstellen an dann hinnen ze hëllefen, Leit ze rekrutéieren. Op der anerer Säit si mir do fir all privat Persoun, déi wëll e Benevolat maachen, déi sech fir e Projet intresséiert. Mir informéieren, orientéieren an begleeden an deem Fall. En plus organiséieren mer all zwee Joer d'Assisen, eng grouss Konferenz iwwert e bestëmmten

Thema, an eng Bourse du Bénévolat, wou di verschidden Associatiounen sech dem Public kënnen virstellen. Eng wichteg an zäitopwenneg Aarbecht ass och d'Mise à jour vun eisem Internet Site. Eise Site stécht voller Informatiounen, souwuel fir di interesséiert Leit wéi fir d'Associatiounen, iwwert de Benevolat zu Lëtzebuerg.(www.benevolat.lu).

• Komme vill Leit esou bei iech froen?

Et sinn der vill komm. Haut versiche mir ëmmer nach op di individuell Froen anzegoen, versichen awer och nei Orientatiounen fir eis Agencen ze fannen, ze kucken, wéi ee ka méi efficace ginn an trotzdem deen eenzelnen net hänke loossen.

• A wéi enge Beräicher kënnt dir de Leit eng Beschäftigung vermëttelen?

Am Fong all d'Beräicher, déi et ginn. Soziale Beräich, Éducatioun, Kultur, Humanitär, Integratioun, Éischt Hëllef, d'Jugend, Tourismus, Sport, de behënnerte Beräich. Et gi masseg Beräicher, wou Méiglechkeete bestinn a wou och benevole Leit gebraucht ginn.

• Kann et engem hëllefen, fir eng fest Aarbeitsplaz ze fannen, wann ee virweise kann, dass een e Benevolat gemaach huet? Mengt dir, dass e Patron den Dossier éischer zeréckhält an d'Chance fir e Vistellungsgespréich gëtt opgrond vun engem Benevolat, wat am CV opgeléicht a mat Certificat beluecht ass?

Dat ass eng intressant Fro. Hei zu Lëtzebuerg geet viles iwwert den Diplom. An anere Länner ass et esou, dass ëmmer méi no de Kompetenzen an no der Erfahrung gekuckt gëtt.



